

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Mee 2021

Här President,


sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Am Kader vun der Covid-Pandemie stellt sech och d'Fro, wéi den Zougank vun de Lëtzebuerger, déi am Ausland domiciliéiert sinn oder sech am Ausland op enger Plaz ophalen, op där si wéinst hirem Statutt net kéinte geimpft ginn awer sech wéilten impfe loossen, gereegelt ass.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Denkt d'Regierung drun, Persoune mat Lëtzebuerger Nationalitéit, déi am Ausland domiciliéiert sinn oder sech am Ausland op enger Plaz ophalen, op där si wéinst hirem Statutt net kéinte geimpft ginn awer sech wéilten impfe loossen, iwwert de Wee vun der konsularescher Hëllef ze ënnerstëtzen? Wa jo, wéi ass d'Prozedur?
2. Kënne Lëtzebuerger, déi an de Grenzregioune wunnen an déi zu Lëtzebuerg wéilte geimpft ginn, sech fir eng fräiwëlleg Impfung zu Lëtzebuerg mellen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten